AVIS AU PUBLIC

Aerenzdallgemeng

Matdeelung vun der Aerenzdallgemeng am Kader vun den Artikelen 8 an 9 vum ofgeännerten Gesetz vum 4. Februar 2005 iwwert den nationale Referendum

De Schäfferot,

Vu d'Demande vum Comité d'initiative vum 22. Oktober 2021, déi de Premier- a Staatsminister de 26. Oktober 2021 kritt huet, fir e Referendum iwwert d'Propositioun vun der Revisioun vum Kapitel VI. vun der Verfassung ze organiséieren ;

Vu d'Décisioun vum Premier- a Staatsminister vum 28. Oktober 2021 iwwert d'Recevabilitéit vun där Demande ;

Vu d'Kommunikatioun vum Premier- a Staatsminister am *Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg*, Memorial A–761 vum 5. November 2021, an Ausféierung vum Artikel 5 vum ofgeännerten Gesetz vum 4. Februar 2005 iwwer den nationale Referendum ;

informéiert

d'Wieler, **déi d'Walrecht fir d'Chamberswalen hunn an déi an der Ärenzdallgemeng domiciliéiert sinn**, datt si d'Demande iwwert d'Ofhale vun engem Referendum iwwert d'Propositioun vun der Revisioun vum Kapitel VI. vun der Verfassung, déi an éischter Liesung den 20. Oktober 2021 vun der Chamber ugeholl ginn ass, ënnerstëtze kënnen, **andeem si sech an de Lëschten aschreiwen, déi an der Gemeng vum 19. November 2021 bis den 20. Dezember 2021 abegraff, opleien.**

Wärend dëser Period sinn d'Lëschten op folgende Plazen an zu folgenden Zäiten zougänglech:

Uert: Aerenzdallgemeng 26, Suewelburerstrooss L-7660 Miedernach.

Deeg an Zäiten:

- **Méindes, Dënschdes, Mëttwochs a Freides vun 8 bis 12 Auer a vu 14 bis 17 Auer**
- **Donneschdes vun 8 bis 12 Auer a vu 14 bis 19 Auer**
- **Samschdes vun 10 bis 12 Auer**

Den Text vun der Propositioun vun der Revisioun vum Kapitel VI. vun der Verfassung kann op der uewe genannter Plaz an zu den uewe genannten Zäiten agesi ginn.

Fir d'Demande iwwert de Referendum z'ënnerstëtzen muss de Wieler sech perséinlech op senger Gemeng presentéieren. De Wieler muss säin Numm, seng Virnimm a seng Adress dem zoustännegen Agent matdeelen an **eng gülteg Pièce d'identité virweise kënnen.**

Administration communale
de la Vallée de l'Ernz
26, rue de Savelborn
L-7660 Medernach

Tél. : 83 73 02-20
Fax : 87 96 65

secretariat@aerenzdall.lu
www.aerenzdall.lu

AVIS AU PUBLIC

Aerenzdallgemeng

Nodeems den Agent kontrolléiert huet ob de Wieler op de Wielerlëschten agedroen ass, leet den Agent dem Wieler d'Aschreiwungslëschte vir an dréit dem Wieler säin Numm, seng Virnimm a säi Gebuertsdatum an.

Nodeems de Wieler dës Aschreiwunge kontrolléiert huet, ënnerschreift hien d'Lëscht.

De Wieler deen duerch e physeschen Handicap net ënnerschreiwe kann, däerf sech vun enger Persoun begleede loossen, déi a sengem Numm ënnerschreiwen däerf. Dës begleedend Persoun däerf kee kommunaalt, nationaalt oder europäescht Mandat bekleeden, si muss liesen a schreiwe kënnen an däerf net gemäß de Bestëmmungen vum Artikel 6 vum ofgeännerten Walgesetz vum 18. Februar 2003, vum d'Walrecht ausgeschloss sinn.

Et däerfen déi Wieler ënnerschreiwen déi den Dag virum Ufank vun der Ënnerschrëfte Sammlung op de Wielerlëschte fir d'Chamberwalen agedroe sinn.

Déi Wieler déi net op der Wielerlëscht vun der Gemeng stinn, mussen eng Décisioun vum Buergermeeschter vun hirem Wunnuert respektiv vun enger Geriichtsinstanz virweise kënnen déi bezeit datt si d'Walrecht an där Gemeng hunn.

Déi Wieler déi zwar op dëse Wielerlëschten agedroe sinn, mee déi hiert Walrecht duerch eng gesetzlech Bestëmmung oder duerch e Geriichtsbescheed oferkannt kritt hunn, däerfe sech net un der Ënnerschrëfte Sammlung bedeelegen.

All Wieler däerf nëmmen eemol d'Lëscht ënnerschreiwen. D'Ënnerschreiwen am Numm vun enger drëtter Persoun ass verbueden ausser am Fall wou eng Persoun eng handicapéiert Persoun begleet.

D'Ënnerschrëft vum Wieler op der Lëscht bedeit datt dëse Wieler d'Demande fir d'Ofhale vun engem Referendum ënnerstëtzt.

Dës Demande ass nëmmen dann ugeholl, wa 25.000 Wieler se ënnerstëtzen.

COMMUNE DE LA VALLÉE DE L'ERNZ

Miedernach, den 11. November 2021
De Schäfferot,
André Kirschten, *Buergermeeschter*
Bob Bintz, Jean-Pierre Schmit an Eugène Unsen, *Schäffen*

Administration communale
de la Vallée de l'Ernz
26, rue de Savelborn
L-7660 Medernach

Tél. : 83 73 02-20
Fax : 87 96 65

secretariat@aerenzdall.lu
www.aerenzdall.lu